

Här Fernand Etgen
President vun der Deputéiertechamber
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 8. Juni 2022

Här President,

esou wéi d'Chambersreglement et virgesäit, bieden ech lech, dës parlamentaresch Fro un den Här Bausseminister an d'Madamm Finanzminister weiderzeleeden.

Am Artikel "*Mehr als eine Handvoll Dollar*", deen den 28. Mee am Tageblatt publizéiert gouf, heescht et, datt d'ONG "Tax Justice Network" mat Sëtz zu Bristol a Groussbritannien, Lëtzebuerg nach ëmmer als "Steieroas" bezechent. Dëst, well Entreprisen hei am Aklang mat der nationaler Legislatioun deelweis manner Steiere bezuelen, wéi an anere Länner. Weider heescht et an deem Artikel, datt déi genannten ONG, Lëtzebuerg dobäi op Basis vun enger selwer-gewielter, subjektiver Definitioun uprangert. Op der Lëscht vun hiren Donateure fënnt sech ënner anerem d'EU-Kommissioun.

An deem Sënn géif ech der Regierung gär dës Froe stellen:

- 1) Gesäit d'Regierung et als opportun, datt d'EU-Kommissioun trotz dem Brexit eng ONG mat Sëtz am Vereenegte Kinnekräich finanzéiert, där hir Aktivitéiten dem Lëtzebuerger Image zu Onrecht schueden?
- 2) Gedenkt d'Regierung am Sënn vun der Fro virdrun, bei der EU-Kommissioun ze intervenéieren, fir dës Finanzéierung ze stoppen? Falls net, kann d'Regierung elaboréieren, wéi déi Decisioun motivéiert ass a wéi se sech mat der Regierung hirer Politik vum "Nation Branding" verdréit?

Mat déiwem Respekt,



Fernand Kartheiser
Deputéierten



Gemeinsam Äntwert vum Här Aussen- an Europaminister, Jean Asselborn, an der Madamm Finanzministesch, Yuriko Backes, op d'parlamentaresch Fro n°6316 vum 8. Juni 2022 vum honorabelen Deputéierten Fernand Kartheiser

Lëtzebuerg setzt sech weltwäit fir de Schutz vun der Aarbecht vun ONG'en an. Onofhängeg dovunner wou eng ONG baséiert ass, ënnerläit se weder enger Regierung, nach internationalen Organisatiounen.

Der Europäescher Kommissioun steet et fräi och ONG'en ausserhalb vun der EU ze ënnerstëtzen.

Och wann eng Regierung net onbedingt ëmmer all Stellungnahmen deelt, esou ass eng open Zivilgesellschaft e wichtege Pilier vun enger Demokratie. Et ass also der EU-Kommissioun iwwerlooss mat der Diskrepanz tëschent der Conclusioun vun dëser ONG an den eegenen Conclusiounen an Punkto Steierregimer vun de Memberstaaten ëmzegoen.

Lëtzebuerg, 7. Juli 2022

Aussen- an Europaminister

(s.) Jean Asselborn